B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Zousazmaterial

Kapitel 5

Kapitel 5 Säit 93, Übung 2

1. Bei wat fir Begrëffer passen Ärer Meenung no d'Elementer 1-12 um Bild am Buch op der Säit 93? Schreift d'Zuelen hannert d'Begrëffer a vergläicht mat Ärem Noper.

duuss Mobilitéit 6, 11

ëffentlechen Transport .....

erneierbar Energien .....

Recycling .....

gemeinschaftlech Notzung .....

Proximitéitscommerce .....

Sozial Interaktioun .....

\+ Ech mengen, bei de Begrëff „duuss Mobilitéit" gehéieren de Vëlosparking an de Vëloswee.
\- Gehéiert den Tram do net och derbäi?
\+ Ech mengen net, ech sinn awer net sécher.

2. Liest d'Froen a lauschtert d'Presentatioun vum Quartier nach e puermol. Notéiert Stéchwierder a vergläicht mat Ärem Noper. 124

1. Wat versteet een ënnert „duuss Mobilitéit"?

.....

2. Wéi ass de Quartier un den ëffentlechen Transport ugebonnen?

.....

3. Wat fir erneierbar Energië ginn am Quartier genotzt?

.....

4. Wat gëtt am Quartier fir de Recycling gemaach?

.....

5. Wéi ass d'gemeinschaftlech Notzung vum Gaart gereegelt?

.....

6. Wat sinn d'Virdeeler vum Proximitéitscommerce?

.....

7. Wéi gëtt déi sozial Interaktioun am Quartier gefërdert?

.....

Kapitel 5 Säit 98, Übung 2

1. Wie géingt Dir ruffen oder wat géingt Dir maachen, wann Dir ee vun dëse Problemer hätt? Schwätzt a klenge Gruppen.

Et ass kee waarmt Waasser do.

Är privat Parkplaz ass besat.

Äre Vëlo ass aus dem Keller geklaut ginn.

D'Nopere maachen no 22 Auer nach vill Kaméidi.

D'Luucht am Frigo geet net méi.

D'Rechnung fir Stroum a Waasser ass immens geklommen.

De Lift geet net méi.

Dir hutt Iech ausgespaart.

2. Waart Dir och schonn eng Kéier an enger änlecher Situatioun? Wat hutt Dir gemaach? Kuckt de Modell a preparéiert e klengen Text, fir an der Klass virzedroen.

Bei mir Bei eis	war eng Kéier ... futti. huet ... net méi fonctionéiert. war ... agebrach ginn. war ze vill Kaméidi, well ...
Dunn hunn ech Dunn hu mir Dunn huet mäi Partner / meng Partnerin / ...	... geruff. ... telefonéiert. mat ... geschwat. bei ... reklaméiert.
... huet mir gesot, ... huet eis gesot, ... huet mir geroden, ... huet eis geroden,	datt ... datt ... ... ze maachen / goen / kucken / ... ... unzeruffen / ze kontaktéieren.

Kapitel 5 Säit 99, Übung 5

1. Liest den Dialog a markéiert d'Formen am Conditionnel. Wat gëtt ausgedréckt? E Wonsch, e Virschlag oder eng héiflech Opfuerderung? Kräizt un.

		Wonsch	Virschlag	héiflech Opfuerderung
Louis:	*Kéinte mer kuerz iwwert déi nei Wunneng schwätzen?*			
Sarah:	*Jo, mir sollte geschwënn ufänken ze sichen.*			
	Wat ass wichteg fir dech? Ech hätt onbedéngt gär e Gaart.			
Louis:	*Ech hätt gär méi e kuerze Wee fir op d'Aarbecht.*			
	Mir kéinte jo méi no bei d'Stad plënneren.			
Sarah:	*Ech géif léiwer hei an der Géigend bleiwen, well d'Lea sou vill Frënn hei huet.*			
Louis:	*Hei gëtt et am Moment awer keng grouss Offer. Mir sollten och an der Stad sichen.*			
Sarah:	*Mee et kéint ee jo mol op der Gemeng nofroen, wéi et mat deem neie Wunnquartier ausgesäit.*			
	Géifs du dat maachen?			
Louis:	*Kéints du dat dann net maachen? Du muss dach souwisou deng nei Carte d'identité sichen goen.*			
Sarah:	*A jo, stëmmt. Gutt, dass de mech drun erënners!*			

2. Eng Koppel wunnt aktuell an der Stad an diskutéiert driwwer, op d'Land ze plënneren. Schreift en änlechen Dialog wéi an der Übung 3 am Buch. Spillt den Dialog no der Verbesserung an der Klass.

Kapitel 5 Säit 102, Übung 6

Setzt d'Sätz an de Passiv.

D'Famill Weyer huet en Haus kaaft.

Wat ass scho gemaach ginn?

1. Den Daachdecker huet den Daach erneiert.

2. Den Installateur huet eng nei Heizung installéiert.

3. De Fënsterbauer huet nei Fënstere bestallt.

4. De Plätterchersleeër huet nei Plättercher geluecht.

Wat muss nach gemaach ginn?

5. Den Entrepreneur muss eng Mauer ofrappen.

6. De Schräiner muss nach an enger Kummer Parquet leeën.

7. Den Usträicher muss d'Maueren nei usträichen.

8. De Miwwelbuttek muss nei Miwwele fir d'Schlofzëmmer liwweren.

Wat géing gemaach ginn, wann de Budget méi grouss wier?

9. De Gäertner géing de Gaart uleeën.

10. Den Entrepreneur géing eng Piscine bauen.

11. Den Entrepreneur géing de Späicher ausbauen.

12. Den Entrepreneur géing e Wantergaart ubauen.

Wat hätt misse gemaach ginn, mee huet net geklappt?

13. Den Entrepreneur hätt d'Mauer tëschent der Stuff an der Kiche missen ofrappen.

14. De Schräiner hätt missen an dräi Kummere Parquet leeën.

15. Den Usträicher hätt d'Mauere solle beige usträichen.

16. De Miwwelbuttek hätt sollen déi richteg Miwwele liwweren.

Kapitel 5 Säit 102, Übung 6

Setzt d'Sätz an de Passiv.

1. Den Offall soll een trennen.

.....

2. Et soll een d'Luuchten ausmaachen, wann een aus dem Zëmmer geet.

.....

3. Et soll een d'Waasser zoudréinen, wann een d'Zänn wäscht.

.....

4. Nom Picknick soll een den Dreck ewechgeheien.

.....

5. Verschidde Planzen am Bësch däerf een net plécken.

.....

6. D'Haiser kann ee mat Solarenergie heizen.

.....

7. Beim Akafe soll ee keng Plastikstute benotzen.

.....

8. Et däerf ee kee Feier am Bësch maachen.

.....

9. Vill Verpackunge kann ee recycléieren.

.....

10. Gedrénks kann een a Glasfläsche kafen.

.....

Wat haalt Dir vun deene Recommandatiounen? Schwätzt am Grupp.

A: Den Offall soll getrennt ginn. Wat häls du dovun ?

B: Ech fannen dat och, dat ass onbedéngt noutwendeg. Fënns du dat och wichteg?

C: Jo, mee dat ass net ëmmer méiglech. Ech fannen et onrealistesch, datt …

Kuckt d'Fotoen. Aus wat sinn d'Saache gemaach ginn a fir wat gi se gebraucht? Liest d'Wierder an der Këscht an d'Beispill a formuléiert Sätz.



Fotoen: shutterstock

Bänk an Dësch	Regal
Buch	Klunsch
Blummendëppen	Toilette
Verpackungen	Häerz
Paletten	hëlze Këschten
Plastiksfläschen	Spillsaachen
Pneu	

Zum Beispill:

Aus engem ale Pneu ass eng Klunsch gemaach ginn.

Aus engem alen ... Aus enger aler ... Aus alen ...	ass en ... ass eng ... sinn ...	gemaach gebitzt gebastelt gefaalt produzéiert	ginn.

Sicht am Internet no konkreete Beispiller fir Upcycling.
Presentéiert ee Projet an der Klass. Schafft a klenge Gruppen.

Zu Lëtzebuerg gouf et 2017 zum Beispill en interessante Projet. Mat dëse Stéchwierder kënnt Dir méi Informatiounen dozou fannen:

Pont Adolphe

Baatsch

Projet „Dono”

E Stéck vun der Bréck

Foto: Privatarchiv

B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Zousazmaterial

Kapitel 5

Kapitel 5 Säit 93, Übung 2

1. Bei wat fir Begréffer passen Ärer Meenung no d'Elementer 1-12 um Bild am Buch op der Säit 93? Schreift d'Zuelen hannert d'Begréffer a vergläicht mat Ärem Noper.

duuss Mobilitéit	**6, 11**
ëffentlechen Transport	**1, 10**
erneierbar Energien	**8, 12**
Recycling	**4**
gemeinschaftlech Notzung	**7**
Proximitéitscommerce	**3, 5**
Sozial Interaktioun	**2, 7, 9**

2. Liest d'Froen a lauschtert d'Presentatioun vum Quartier nach e puermol. Notéiert Stéchwierder a vergläicht mat Ärem Noper. **124**

Zum Beispill:

1. Fortbeweegungsmëttel, net motoriséiert, de Vëlo, d'Trottinett, déi eege Féiss
2. D'Gare ass net wäit ewech, dräi Buslinnen, Tramhaltestell op 300 Meter
3. Solarpanneauen, Stroum vun de Wandmillen am Norde vum Quartier
4. Containeren, fir Pabeier, Glas a Plastik ze recycléieren, eng extra Poubelle fir de Kompost
5. a kleng Parzellen agedeelt, matschaffen, gemeinsam Infrastrukturen notzen, vun der Recolte profitéieren
6. kleng Geschäfter am Quartier, lokale Commerce fërderen, net fir alles den Auto oder de Bus huelen
7. Zentrum vum Quartier: Treffpunkt, kulturell Evenementer, e klenge Café, Gemeinschaftsgaart, Spillplaz, sozial Kontakter entstinn

Kapitel 5 Säit 99, Übung 5

1. Liest den Dialog a markéiert d'Formen am Conditionnel. Wat gëtt ausgedréckt? E Wonsch, e Virschlag oder eng héiflech Opfuerderung? Kräizt un.

		Wonsch	Virschlag	héiflech Opfuerderung
Louis:	*Kéinte mer kuerz iwwert déi nei Wunneng schwätzen?*			X
Sarah:	*Jo, mir sollte geschwënn ufänken ze sichen.*		X	
	Wat ass wichteg fir dech? Ech hätt onbedéngt gär e Gaart.	X		
Louis:	*Ech hätt gär méi e kuerze Wee fir op d'Aarbecht.*	X		
	Mir kéinte jo méi no bei d'Stad plënneren.		X	
Sarah:	*Ech géif léiwer hei an der Géigend bleiwen, well d'Lea sou vill Frënn hei huet.*	X		
Louis:	*Hei gëtt et am Moment awer keng grouss Offer. Mir sollten och an der Stad sichen.*		X	
Sarah:	*Mee et kéint ee jo mol op der Gemeng nofroen, wéi et mat deem neie Wunnquartier ausgesäit.*		X	
	Géifs du dat maachen?			X
Louis:	*Kéints du dat dann net maachen? Du muss dach souwisou deng nei Carte d'identité sichen goen.*			X
Sarah:	*A jo, stëmmt. Gutt, dass de mech drun erënners!*			

Kapitel 5 Säit 102, Übung 6

Setzt d'Sätz an de Passiv.

D'Famill Weyer huet en Haus kaaft.

Wat ass scho gemaach ginn?

1. Den Daach ass (vum Daachdecker) erneiert ginn.
2. Eng nei Heizung ass (vum Installateur) installéiert ginn.
3. Nei Fënstere sinn (vum Fënsterbauer) bestallt ginn.
4. Nei Plättercher sinn (vum Plätterchersleeër) geluecht ginn.

Wat muss nach gemaach ginn?

5. Eng Mauer muss nach (vum Entrepreneur) ofgerappt ginn.
6. An enger Kummer muss nach (vum Schräiner) Parquet geluecht ginn.
7. D'Mauere mussen (vum Usträicher) nei ugestrach ginn.
8. Nei Miwwele fir d'Schlofzëmmer mussen (vum Miwwelbuttek) geliwwert ginn.

Wat géing gemaach ginn, wann de Budget méi grouss wier?

9. De Gaart géing (vum Gäertner) ugeluecht ginn.
10. Eng Piscine géing (vum Entrepreneur) gebaut ginn.
11. De Späicher géing (vum Entrepreneur) ausgebaut ginn.
12. E Wantergaart géing (vum Entrepreneur) ugebaut ginn.

Wat hätt misse gemaach ginn, mee huet net geklappt?

13. D'Mauer tëschent der Stuff an der Kichen hätt missen (vum Entrepreneur) ofgerappt ginn.
14. An dräi Kummeren hätt missen (vum Schräiner) Parquet geluecht ginn.
15. D'Maueren hätte sollen (vum Usträicher) beige ugestrach ginn.
16. Déi richteg Miwwelen hätte sollen (vum Miwwelbuttek) geliwwert ginn.

Kapitel 5 Säit 102, Übung 6

Setzt d'Sätz an de Passiv.

1. Den Offall soll getrennt ginn.
2. D'Luuchte sollen ausgemaach ginn, wann een aus dem Zëmmer geet.
3. D'Waasser soll zougedréint ginn, wann een d'Zänn wäscht.
4. Nom Picknick soll den Dreck ewechgehäit ginn.
5. Verschidde Planzen am Bësch däerfen net gepléckt ginn.
6. D'Haiser kënne mat Solarenergie geheizt ginn.
7. Beim Akafe solle keng Plastikstute benotzt ginn.
8. Am Bësch däerf kee Feier gemaach ginn.
9. Vill Verpackunge kënne recycléiert ginn.
10. Gedrénks kann a Glasfläsche kaaft ginn.